fir de Cycle 4.2 (2023/2024)

## Schaff mat am

# LEGO League Team

## un eisem

# MASTERPIECE℠

# WAT ASS D'FLL?

D'FIRST LEGO League ass ee weltwäite Bildungsprogramm, dee vun der amerikanescher Stëftung FIRST, LEGO an anere Sponsoren an d'Liewe geruff ginn ass. De Programm erméiglecht SchülerInnen een altersgerechten Astig an d'Beräicher Fuerschung, Konstruktioun a Programméierung. Esou kënne si scho fréi hiren Interessi un de MINT-Fächer (Mathematik, Informatik, Naturwëssenschaft an Technik) entdecken an hir Kommunikatiounsfäegkeet, sou wéi hiren Teamwork stäerken. Dëst Joer ass weltwäit d'Thema "Masterpiece". Et geet ëm Roboteren, Konscht a Musek.

# EIS AUFGAB

Mir designen a bauen ee Roboter, deen d'Missioune vun dësem Joer hikritt. Mir schaffen un enger Fuerschungsaarbecht zum Thema vun dësem Joer. Mir designen eisen eegene Logo an eis eegen T-Shirten. A virun allem: mir wuessen zesummen zu engem Team!

# COACHES



anne-sophie.schaus@education.lu

michel.czerwinski@education.lu




# WÉINI A WOU?

Fir d'Kanner aus dem Cycle 4.2 (2023/2024) geet et den 18. September 2023 un. Vun deem Dag un trainéiere mir all Méindeg vun 12.45 bis 13.55 Auer. Mir treffen eis ëmmer um 12.45 Auer ënnen am Agang vum Gebai. An de Schoulvakanzen ass keen Training. Déi grouss Finall ass de 24. Februar 2024 am Forum Geesseknäppchen. Wa sech dëst Joer esou vill Equipen umellen, wéi erwaart, da kënnt et souguer do virdrun nach zu regionalen Halleffinallen. Soubal mir wëssen, wéini déi sinn, deele mir den ugemellte Kanner déi Datummer mat. De Lego League Training ass am Prinzip nom 25. Mäerz 2024 fäerdeg.

# MAACH MAT!

Engersäits rekrutéiere mir 10 nei Kanner aus dem Cycle 4.1 (2023/2024). Anerersäits huele mir 10 Kanner un, déi d'lescht Joer mat an d'Finall waren. Dës sollen ënnert anerem deenen Neien erklären a weisen, wéi et geet. Wann s du nees wëlls dobäi sinn, da mussen deng Elteren de QR-Code op der Récksäit scannen an dech bis spéitstens den 13. Juli 2023 umellen. Falls sech vun dengem Joergang méi wéi 10 Kanner mellen, da maache mir een Tirage au sort.

SCHOUL HELPERKNAPP